N°2588
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 9. Juli 2025

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Wéi an der Press ze liesen ass, féiert den Europäesche Parquet (EPPO) aktuell eng Enquête am Kontext vun enger presuméierter Subventiounsbedruchsaffär, déi de Lëtzebuerger Bus-Secteur betrëfft. Et geet ëm eng méiglech Fraude vun iwwer 23 Milliounen Euro – en Deel dovunner aus dem FEDER-Programm an en aneren Deel aus dem Staatsbudget. Verschidde Busbetriber sollen deemno Trajeten als emissiounsfräi Zerwisser mat Elektrobusser bezuelt kritt hunn, obwuel dës an der Realitéit mat thermeschen oder hybride Gefierer gefuer goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

1. Wat waren d'Grënn dofir, datt – entgéint de Bestëmmunge vun der geplangter Elektrifizéierung vum RGTR-Reseau – déi virgeschriwwen Elektrobusser net agesat goufen an amplaz thermesch oder hybrid Gefierer benotzt goufen?
2. Aus wéi enge Grënn sinn an dëse Fäll trotzdeem déi méi héich Remuneratioune fir emissiounsfräi Zerwisser vu Säite vun der Verwaltung appliziéiert ginn?
3. Handelt et sech dobäi ëm en administrativen Iertum oder ëm eng bewosst Entscheedung vun der zoustänneger Verwaltung?
4. Wéi eng Kontrollmechanisme waren am Kader vun de Konventioune mat de Busentreprisë virgesinn, fir d'Konformitéit vun de geleeschten Zerwisser mat de Subventiounsoplagen sécherzestellen? A wéi engem Mooss goufen d'Viraussetzunge betreffend den Asaz vun emissiounsfräie Gefierer an der Konventioun mat de Busbetriber verankert a kontrolléiert?
5. Wéini ass dëse Mëssstand opgefall? A wat ass zanterhier ënnerholl gi fir datt esou Fäll net méi virkommen?
6. Wéi héich ass de finanzielle Schued, fir de Lëtzebuerger Staat respektiv d'Europäesch Unioun? A wéi engem Mooss goufen dës Gelder schonn tatsächlech ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu